## D'Liewen, den Doud an déi Wäiss Welt

**Esch/Uelzecht.** E Freideg, den 21. Juni, um 19 Auer, steet an der Kulturfabrik „Panik an der Wäisser Welt“ um Programm. Opgefouert gëtt dat Stéck vu Jonken, tëschent 6 an 19 Joer, déi um Theaterprojet „Biergerbühn“ vun Independent Little Lies matgemat hunn. Säit iwwer 1 000 Joer gëtt et nieft eiser normaler Welt och eng aner Welt, déi Wäiss Welt. An dëser Welt gëtt et den Doud an d'Liewen. Den Doud an d'Liewe schaffen zesummen. Den Doud bréngt alles, wat net méi op der normaler Welt liewe soll, an déi Wäiss Welt. An d'Liewe bréngt alles, wat liewe soll, op d'Äerd. Bis op eemol eppes schif leeft. Fräien Entrée. Reservéierungen um Tel. 55 44 931.

▶ **www.biergerbuehn.lu**